LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1269 du 1er octobre 2024 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Contrôles concernant le paiement des salaires effectués par l'ITM »

Fro N°1 : Kommunizéiert d'ITM - op Ufro - och op Däitsch oder Lëtzebuergesch mat de Betriber? Wa jo, wéi vill Prozent vun alle Kommunikatioune sinn dat? Wa nee, firwat ass dat net de Fall, obwuel Däitsch eng vun eisen offizielle Sproochen hei am Land ass?

Op Ufro kommunizéiert d'ITM och ënner anerem op Däitsch oder Lëtzebuergesch mat de Betriber.

D'ITM kann net soen wéi vill Prozent vun alle Kommunikatioune op Däitsch oder Lëtzebuergesch verfaasst ginn.

Fro N°2 : Wéi vill Strofe goufen zanter August géint Liberty Steel zu Diddeleng decidéiert, nodeems ëffentlech bekannt gouf, datt d'Gehälter vum August net bezuelt goufen? Kënne mer an dësem Kontext eng Opstellung vun der Unzuel vun de Strofen an dem finanzielle Volume no Gréisst vun de Betriber fir déi lescht dräi Joer kréien, ënnert der Berücksichtegung, datt am Prinzip all Verstouss eenzel bestrooft ka ginn?

Zanter August 2024 gouf keng Strof geint Liberty Steel zu Diddeleng décidéiert.

Per Injonctioun vum 6. September 2024 huet d'ITM Liberty Steel opgefuerdert d'Gehälter vum August ausbezuelen. Den Employeur huet den 19. September 2024 der ITM confirméiert, dass d'Gehälter ausbezuelt goufen.

Déi lescht dräi Joer goufen folgend Strofen verhaangen :

Joer	**2021**	**2022**	**2023**
Unzuel vun Geldstrofen	2.315	2.396	3.268
Montant vun den Geldstrofen	9.243.000 EUR	10.426.800 EUR	14.307.000 EUR

<u>Fro N°3 :</u> Iwwerwaacht d'ITM de Caritas-Dossier fir sécherzestellen, datt déi aktuell Mataarbechter an hire Rechter geschützt sinn an datt den Transfert vu Mataarbechter op HUT konform mat der relevanter Gesetzgebung ass?

Den 1. Oktober 2024 huet d'ITM den Här Christian BILLON, Präsident vum Conseil d'administration vun HUT asbl gesinn an dësen huet affirméiert, dass et sech net ëm en Transfert d'entreprise handelt.

Well déi Responsabel vun HUT affirméiert hunn, datt et sech hirer Meenung no net ëm en Transfert d'entreprise handelt, kann d'ITM näischt anescht maachen, wéi de Salariés ze roden, d'Aarbechtsgeriicht ze saiséieren, dat als Eenzegt entscheede kann, ob et sech an dësem Fall ëm en Transfert handelt oder net.

Luxembourg, le 21 octobre 2024

(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail